

Recrutement vun neiëm Personal an der Education ... iwwert de Kapp vun de concernéierten Acteuren ewech – en absoluten NO-GO!

Aktuell klammen d'Zuelen u Corona-Infizéierte spronghaft an der Gesamtbevëlkerung an en Enn ass leider nach net ofzegesinn. Dëst huet och Auswierkungen op d'Schoul an de Schoulbetrib. Ëmmer méi Enseignantë ginn a Quarantän gesat, well si entweder selwer infizéiert sinn oder Kontakt mat engem Infizéierten haten. All dat Personal muss ersat gi fir dass d'Klasse weider funktionéieren kënnen. Mee genau do läit de Problem. Esou lues gëtt et ganz enk mam Ersatzpersonal an et hu scho musse Klassen zesummegeluecht ginn, well keen Ersatz zur Verfügung stoung. Eng Situatioun, déi am Fong jidderee verhënnere wollt a virun där den SNE/CGFP de MENJE schonn am Summer mat Nodrock gewarnt huet.

Dovunner wollt de MENJE awer guer näischt héieren. Den SNE/CGFP ass mat de Wieder vertréischt ginn, dass de MENJE optimistesoch wär, dësen Defi ze meeschteren. Et wär ee gutt opgestallt an et géif massiv Personal rekrutéiert ginn. Eng e bësse verklärten Usiicht vun der Situatioun! Leider huet den SNE/CGFP Recht mat senger Warnunge behalen an elo, knapps 7 Wochen no der Rentrée, stinn d'Schoule kuerz virum Kollaps.

Den Educationminister hat an der Chamberkommissioun erkläert, dass et absolut noutwendeg wär, fir neit Personal ze rekrutéieren fir esou d'Schoulen um Lafe kënnen ze halen. Den Defi ass et, niewent de reguläre Krankmeldungen, all déi Enseignanten ze ersetzen, déi, bedéngt duerch de Covid-19 krank, a Quarantän, an Isolatioun sinn oder duerch hir Vulnerabilitéit hir normal Tâche an de Klassen net méi kënnen erfëllen.

Ganz spéit, esouguer ze spéit, reagiert den Educationnsministère op dëse Problem. Den SNE/CGFP freet sech, firwat de MENJE dëse Problem net schonn an der Sommervakanz op de Leescht geholl huet?

Am Gesetz, dat gëschter vun der Deputéiertekummer gestëmmt ginn ass, steet, dass ee fir an der Grondschoul als Ersatz ze schaffen, am Idealfall e Bachelor an den Erzéiungswëssenschafte soll hunn. De Minimum soll awer e Premièresdiplom sinn. De 4-Woche-Stage muss een net maache fir iwwert eng begrenzten Zäit kënnen ersetzen ze goen.

Dass elo Leit op d’Kanner lassgelooss ginn a solle Schoul halen, déi nach ni an hirem Liewen Erfarunge mat der Gestioung vun enger Klass an der Vermëttlung vu Lerninhalte gemaach hunn, ass net ze verrieden.

An den Ae vum SNE/CGFP kënnen Leit, déi kee Stage absolvéiert hunn, allerhéchstens als Surveillanten agestellt ginn, esou wéi dëst fir de Secondaire virgesinn ass. Dass déi Leit ouni Stage elo Schoul hale sollen, ass einfach onrealistes. Den Enseignantsberuff setzt eng seriö Formatioun viraus. Wéi kënnen Leit ouni déi geréngsten Ausbildung, den Defien, déi den Enseignantsberuff mat sech bréngt, gerecht ginn? Eng Saach vun der Onméiglechkeet!

Jo, mir sinn an enger spezieller Situatioun. A speziell Situatiounen erfuerdere speziell Mesuren. Mir müssen eis all der Realitéit stellen an e Kollaps vum Schoulsystem «à tout prix» verhënneren. D’Fro, déi sech stellt, ass dës:

Wouhinner mat de Kanner, wa moies um 8 Auer kee Remplaçant do ass? An dësen Zäiten däerf et op kee Fall zum Zesummeleeë vu Kanner aus verschiddene Klasse kommen. Dat wär grad elo fatal!

Aus pragmatische Grënn ënnerstëtzt den SNE/CGFP d’Astelle vun zousätzlechem Personal, dat awer net als regulär Remplaçanten, mee als Surveillanten, wa si déi néideg Qualifikatioun fir Schoul ze halen net hunn.

Dofir verlaangt den SNE/CGFP, dass Ersatzpersonal, dat net iwwert d’Mindestqualifikatioun vum 4-Woche-Stage verfügt, ausschliisslech als Surveillanten agesat gëtt, an dat just «à court terme» an dass déi Mesure och an der Zäit limitéiert bleift an net iwwert d’Kris erausgeet.

Mir géifen dee Moment net méi vu Remplaçante schwätzen, déi den Titulaire ersetzen an am Programm weiderfuere sollen, mee vun Surveillanten, déi d’Kanner surveilléieren, fir ze verhënneren, dass d’Schüler aus verschiddene Klasse müssen zesummegeleecht ginn.

Mee wa kee mat engem schwätzt, ass et schwéier säi Point de vue un de Mann, sprécht den Educationnsminister ze bréngen!

Fir dem Minister Meisch seng Decisioun, Remplaçanten ouni Stage anzestellen, huet den SNE/CGFP op jidde Fall iwwerhaupt kee Versteesdemech. Et gëllt nämlech ze verhënneren, dass no der Kris jiddweree sech Remplaçant dāerf nennen. Op d'Argument hin, dass et sech bei dësem Rekrutement vum MENJE just ëm eng zäitlech begrenzte Measure géif handeln, kann den SNE/CGFP just de Kapp rëselen a soen: «Il n'y a que le provisoire qui dure!»

Och and der Kris dāerfem ireis Qualitétsuspréich net op Null setzen. D'Dieren dāerfen op kee Fall grouss opgemaach gi fir eng Deprofessionalisatioun vum Enseignantsberuff!

Matgedeelt vum SNE/CGFP den 29.10.2020